103,6 100,3 autumne collective **Les Ancizes** VI

Au desem Stonn

Dr. a schw. Zeit

D'Gesch. vun der l. Jugend am 2te Weltkrich.

An der leschter Emissioun hu mir déi geféierlech Situatioun beschriwwen wéi se sech Enn 1943 an Ufank 1944 zou "Les Ancizes" gewiesen huet.

Mir hun och gesot dass mam missglécktem Coup vum SS Sturmbannführer op de Centrale d'immense Gefohr fir de Centre awer nach eriwwer war.

Mir haten och gesot dass den Hubert Glesener op der franséisch / lëtzebuergescher Grenz verhafft gouf. Hien ass de 25. Februar 1944 mat nach aner 22 Komeroden, Resistenzler a Refraktären erschoss gin an zwar well sie den Evadéen zuer Flucht verholleft haten.

Et géif de Kader vun desen Emissiounen sprengen wa mir all déi Verhafftungen géiwen opzielen déi virum 14. März 1944 fuchteren, de fatalen Datum vun der Katastrof vu Clermont.

E grossen Deel vun desen Détailler ~~kann~~ ass am Prozess gengt de Gestapo Mann STUCKENBROCK zou Lëtzebuerg nom Krich ugeliesen.

Mir hun ware schon 7 bis 8 lëtzebuerger Refraktären virum 14 März 1944 verhafft gin Enn Juli 1943 wahrscheinlech zou Montluçon 4 R.

Och den A.V. erwäänt schon a sengem Brief vum 12. Dez. 1943 4 Verhafftungen ~~vun 2 R.~~

An a senger Noricht un de Jos Goerres vum 8. März 1944, also 8 Dég virun senger Verhafftung signaléieren hien weider Arrestatiounen. Natierlech gin an dese Schreiwen ëmmer Deckwierder gebraucht wéi "tombé malade" fir Verhafftung oder Mr Gustave fir d'Gestapo. Och ënnersträicht hien déi äusserst geféierlech Situatioun a beschreiwt dat wéi follegt: "Deux copains n'ont pas pu continuer le voyage pour cause de maladie grave (Also ware se verhafft gin) Ils ont oublié que la température (temperature steet hei fir d'Situatioun) la température est plus nuisible que jamais et qu'il faut être très prudent par les temps qui courent"

Mir haten och scho vum Centre vu Lyon geschwat an erwähnt dass R. déi doluinne geflécht gi waren do net méi getolleft kruten an dofir zeréck an de Centre d'accueil vun "Les Ancizes" kummen. Et schéngt ~~dass~~ wéi wa schon Enn 1943 Spiounen an d'Organisatioun vu Lyon agschleust ware gin an doropper hun och verschidden Verhafftungen erfollegt sin.

Zeréck awer op "Les Ancizes" respekt. Clermont.
Mir hate jo schon erzielt dass verschidde R. déi sech op hir falsch Ausweispabeiere verlos hun, de Luxus geleescht hun zeréck ~~op~~ Lëtzebuerg ze kommen.
Eso waren 3 R. ennerwé a sin an der Nuecht vum 13. Februar 1944 vun den Douanieren vun AUMETZ ugehaale ginn. Et waren de Franz Buck, Léon Felten an Henri Rolgen. Et war net d'Onerfuerenheet vun desen 3, déi iwregens net ermé'ert waren, déi se an d'Fall leafe geloss huet mais vrun allem déi massiv Verstärkung vun de Grenz-Kontrollen. Dest och secher well d'Preise jo hu misse mierken dass ëmmer méi Zwangs-rekrutéiert verschwonne. An net ze vergiessen dass an der leschent Zeit den Hubert Glesener an de Raymond Hegerdt verhaft gi waren, an zou Lyon 9 letz. R. vun der Wehrmacht erschoss gi waren wéinst Desertioun.
Déi 3 firgenannten Persounen gin dén Owend bei der detscher Gendarmerie zou AUDUN-LE-TICHE agespaart an dén aneren Dag op Metz gefouert. Wärend de Buck a Felten neischt verroden, iwregens ass de Felten bei dénen déi ~~...~~ vum 30ten op den ~~...~~ 31ten Januar 1945 zou Sonnenburg erschoss gouwen, offréiert de Rolgen mat der Gestapo ze colla-boréieren a verrät wat hien iwert Les Ancizes wousst. Natierlech acceptéiert d'Gestapo des Offer, an eso erzielt de Rolgen iwert d'Arbecht vun de Resistenz Organisatiounen sät wivill R. ougefier do wären, nennt den Hotel Jean Gros, d'Aciérie a.s.w.
Vun elo un huet Gestapo genau Angaben iwert de Centre "Les Ancizes"
Den 11 März 1944, emzingele 11 Agenten vun der Feldgendarmerie an dem SD (Sicherheitsdienst) a 40 Zaldoten vun der Wehrmacht "Les Ancizes" an et geléngt hinnen eng Rei vu Verhaftungen.
Den 9. März 1944 iwergëtt Gestapo vu Metz de Rolgen un d'Gestapo vu Lëtzebuerg. Dest ass natierlech e gefonnte Friessen fir d'Gestapo zou Lëtzebuerg. ~~Der Rolgen de~~ Mech nennen dass de Rolgen alles verréid wat hie wéi, mä hien ass och mat d'accord nés zeréck an d'Frankräich ze goen an bei als verkappten R. séng soi-disant Komeroden de Preisen an d'Hänn ze spillen. Ongléckleche Weis kennt hien vill Adressen vun de l. R. a mir erënneren drun dass am Januar vum A.V. agebrach gi war, an do ausser Stempelen a blanko Ausweiser och Bicher mat Informatiounen an Adressen geklaut were gin. Eso sauch de Rolgen an dén eenzelnen Häff, oder Klouschteren, a Caféen oder isoléierten Heiser op, begleed vu kamouflierten Gestapo Agent a déi iwerraschten R. gin op der Plaz verhaft.
Fir nach en Kéier de Stuckenbrock am ~~Prozess~~ Nokriichsprozess zou Lëtzebuerg ze zitéieren, sot hien, dass ohni d'Hëllef vum Rolgen hien net vill Succès bei Verhaftungen vu R. am Frankräich gehat hätt.

E'r mir do op dei lescht Dég vum Centre "Les Ancizes" an der Verhafftung vum A. V. kommen e besse Museck

→

Mir hate schon erzielt, dass no der kritescher Situatioun Enn 1943 mat der Iwerfällung vum Centre "Les Ancizes", an dem Stopp vum Zoufloss vu R. d' ~~[illegible]~~ Situatioun sech géingt den halwe Februar 1944 nés normaliséiert hat. An dat besonnesch duerch den Truc vun de "fiches de demobilisations"

Obschon, wéi gewosst, den Hubert Glesener a Raymond Heyard wéi och nach aner Chef'en vun Resistenz Organisatiounen an och eng Rei vun R. iwwer d'Frankreich verhafft gi waren ass awer de Betrieb am Center voru gaangen an och nach kén huet direkt un de katastrophale Schluss vum Center ~~geplangt huet~~ geglëwt.

Allerdings war den A. V. sech der grosser Gefohr voll a ganz bewosst. Fir dat ze ennerstreiche en Auszuch aus engem Bréf un sei Chef Goerres:

"Mon ~~ami~~ ennemi Gustave (Gustave fir d' Gestapo) Mon ennemi Gustave me donne du tracas. L'autre jour, il a fait un joli feu d'artifice sur 4 amis qui ont pu s'échapper à temps. Il faut se méfier de plus en plus de ce salaud!

An dém selwechte Bréf sét hien och dass hire bevorzten Treffpunkt vun de Chefen meist ~~[illegible]~~ aus Sécherheetsgrënn changéiert gin a wär do am Buffet de la gare zou Clermont-Ferrand."

Iwwert d'Verhafftung vum A. V. a seige Komeroden liese mir am Gerichtsprotokoll, wat de Stuckenbrock ausgesot huet.

Hien de Stuckenbrock hat den Opdrag kritt vum Kriminalrat RUNGE fir den A. V. ze verhafften.

Doropper hin ass hien den 12. März 1944 op Clermand Ferrand gefuer an huet sech direckt dén aneren Dag op d' Sich nom V. gemacht. Teschend 9 an 12 Auer huet hien zesummen mam 2te Gestapo-man FUERENHOLZER an der Noperschaft vun de Prefecture op den V. gelauert. Sie wousste fir dass den V. regelmässeg bei den Här MEYER (dé mir schon ernimt haten) an d' Prefecture géw kommen, a sie hun och gehofft dass sie dem Signalement no dé sie jo iwert den V. haten, hien och géwen erkennen. Den V ass awer de Moergen net kom.

Am Nomettech huet hien den Offizéier vun der Gestapo Clermont kontaktéiert fir ze beroden wé den V. ze fänke wär.

Den aneren Dag also de 14. März sin den Stuckenbrock mat FUERENHOLZER nés ennerwé op der Sich nom V.

Sie parkéieren sech bei e Supermarché ongeféier 30 bis 50 Meter vun der Préfecture eweg. An engem bestëmmte Moment gesi sie wéi den U. d'Préfecture verléisst an op sie zoukënnt. Fir net opzefaalen zéie sie sech an d'Entrée vum Geschäft zeréck a maache wéi wa sie d'Fënsteren dofunner géive kucken. Eso bal den U. laanscht ass, iwwerfaale sie hien vun hannen, den Stuckenbrock ergräift sein lénken Arm a seet: Deitsch Sureté; dir sit verhafft. Zur gleicher Zeit kënnt den FUERENHOLZER vun der rechter Seit, an den Iwwerraschungs Moment vum U. ausnotzend, léit sie him d'Handschellen un.

De Marcel Meyer gett an der Préfecture op senger Arbechtsplaz verhafft.

Iwwert den Ugreff op den Hôtel Jean Cros huet de Stuckenbrock am Prozess folgendes ausgesot: Schon zou Lëtzebuerg war ech informéiert gin dass eng gréisser Zuel vu Lëtz. sech op "Les Ancizes" ophalen, eng Uertschaft no bei Clermont. Ech krut och matgedeelt dass et do en Hôtel géif, ~~an~~ de Propriétair Jean Cros géif Léeschten an eng bestëmmten Zuel vu Lëtz. do géive logéieren. De Jean Cros wär genau am Bild iwwert d'Lëtzebuerger Ref. an hien wär och bewaffnet. Da krut ech och nach gesot dass zou "Les Ancizes" an och an der Ëmgéigend Gruppe vun Terroriste wären.

Ech krut dann och den Uerder all ugetraffend Lëtz. ze verhafften an och de Jean Cros. Bei déin zou Clermont zoustännege Gestapo Offizéier huet ech mir 4 bis 5 Feldgendarmen an 2 Camiõen. Des Propositioun gouf net acceptéiert mam Argument dass sech ze vill Terroristen do géiven ophalen. Et misst én mindestens 40 Zaldoten an 10 Feldgendarmen hun. Hien verlaangt dann dass des Aktioun ënnert dem Kommando vun engem Kapitän misst stoen, an hien do Kapitän géif bekommen. Dese Kapitän gett ~~de~~ geruff an de Plang ~~gett~~ him auseneé geluecht a war folgenden.

~~En~~ E Grupp vun Zaldoten sollen den Hôtel Jean Cros ëmstellen, en anere Grupp d'Gare. De Rescht sollen Kontrollen am Hôtel ~~a~~ an der Gare machen, an och d'Reesender vun den Zich kontrolléieren.

All verdächteg Per~~sounen~~sonnen solle festgeholl gin an op d'Camiõen geluede gin.

Am Rapport' léscht et:

14. März 1944. Aktioun zou "Les Ancizes" an zou St.-Georges. 11 Feldgendarmen an ~~..~~ SD Memberen, géngt Terroristen an Lëtzebuerger Déserteuren. E Flüchtegen gett ugeschoss a verletzt; 20 Personnen festgeholl doerenner 8 Déserteuren.

Sie kummen an de Wehrmachtsprisong zou Clermont Ferrand.

Net all Refractären zou "Les Ancizes" déi iwwerrascht gouwen, sin ~~de Prei net~~ all de Preisen an d'Hänn gefall.

Eso hiesch ën dass ë sech ~~am~~ Hôtel ennert dem Bett verstoppt hat an aneren ennert dem Dag.

Mä mam Dag vum 14 März waren d'Kontrollen net ofgeschloss, au contraire sie gouwen an den nächsten Deeg verschärft virugefuhr. Haptsächlech op der Gare wou mancherén iwerrascht gouw a festgehalen.

Esobal ën Ausweispabeiren vu Metz oder Longkech hat, war e verdächteg, a gouw festgehalen a mat op de Gestapo Sitz zou Clermont matgeholl.

Et sin awer och systematesch Hausdurchsuchungen duerchgefouert gin an och do R. verhafft. Dest lësst blos op dén ugangs erwähnten Verrod schléissen. Mir kennen an

Kader ~~...~~ desen Emissionen net all Verhaftungen vu R. an Frankreich erklären, dat géng ze weit féieren, a schléissen mat desem Bericht d'Serie iwwert "Les Muizes" of.

An onser nächster Sendung stelle mir awer nach de grosse Patriot A.V. fier wé och d'Diddelenger déi d'Affer vun dese Verhaftungen an Frankreich gouwen.